N° 3673
Entrée le 20.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°3673 vum 18. Februar 2026 vum éierbaren Deputéierten Michel Lemaire betreffend d'"Aides au logement".

1. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regrouppéiert, wéi vill Demanden an de **Joren 2018 bis 2025 all Kéiers fir déi jeeweileg Bäihëllef gestallt goufen, wéi vill der an absolutten Zuelen all Kéiers ugeholl, respektiv ofgeleent goufen a preziséieren, wéi vill déi duerchschnëttlech Beaarbechtungszäit vun engem Dossier all Joers bedroen huet?**

## Aide au financement d'une garantie locative

Zu der *aide au financement d'une garantie locative* ass ze soen, dass den Demandeur – ier en e Kontrakt fir eng Locatioun ënnerschreift – d'Méiglechkeet huet eng Attestatioun beim Ministère fir Wunnengsbau a Landesplanung unzefroen, fir ze gesinn op hien d'Conditioune vun der Bäihëllef erfëllt a wéi héich de Loyer (an deemno och de Montant vun der Garantie) maximal däerf sinn.

Di gefroten Attestatioun gëtt dann och an der Moyenne bannent 1 Mount ausgestallt.

Allerdéngs gëtt net an all Fall um Enn eng *aide au financement d'une garantie locative* décidéiert, sief dat well den Demandeur seng Demande zeréckzitt, kee contrat de bail ënnerschriwwe gëtt oder well de Proprietär d'Garantie vum Staat net wëll unhuelen a léiwer d'Kautioun direkt wëll iwwerwise kréien.

Dëst erkläert dann den Ënnerscheed tëschent den eragereechten Demanden an deenen, déi schlussendlech accordéiert ginn.

Wann de Locatiounskontrakt bis eragereecht gouf, an d'Conditioune weiderhin erfëllt sinn, gëtt dës Garantie dann och prioritär traitéiert soudass an der Reegel no 1 Mount de Certificat vun der Garantie kann ausgestallt ginn.

| Année | Nombre de dossiers introduits | Attestations préalables | Garanties locatives | |
|---|---|---|---|---|
| | | | Nombre d'accords | Nombre de refus |
| 2018 | 221 | * | 26 | 29 |
| 2019 | 222 | * | 17 | 49 |
| 2020 | 237 | 106 | 16 | 77 |
| 2021 | 293 | 101 | 16 | 104 |
| 2022 | 325 | 124 | 22 | 102 |
| 2023 | 337 | 170 | 19 | 103 |
| 2024 | 392 | 192 | 21 | 97 |
| 2025 | 404 | 249 | 22 | 84 |

* Dës Zuele sinn aus technesche Grënn net disponibel

## Subvention de loyer

Zu den Accorden a Refuse vun der Loyerssubventioun ass wichteg ze bemierken, dass innerhalb vun engem eenzelnen Dossier pro Joer kënne verschidde Periode vun Accorden an/oder Refuse virkommen. Dëst ass

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

doduerch bedéngt, dass Ännerunge vun der Familljenzesummestellung oder der finanzieller Situatioun en Impakt op d'Bäihëllef kënnen hunn, déi dann och eventuell da muss nei berechent ginn.

Hei ënnendrënner ass eng Opstellung mat der Unzuel vun den Dossiere fir déi wärend dem jeeweilege Joer eng Loyerssubventioun accordéiert oder refuséiert gouf.

| Année | Nombre de dossiers avec au moins 1 paiement dans l'année | Nombre de dossiers avec au moins 1 refus dans l'année |
|---|---|---|
| 2018 | 4.449 | 2.130 |
| 2019 | 6.052 | 2.054 |
| 2020 | 7.380 | 2.490 |
| 2021 | 8.295 | 2.494 |
| 2022 | 9.819 | 4.127 |
| 2023 | 11.497 | 4.666 |
| 2024 | 12.940 | 4.192 |
| 2025 | 13.498 | 5.147 |

Wat d'Delaie fir d'Beaarbechte vun den Dossieren ugeet, maachen ech drop opmierksam, wéi schonn an der Äntwert op di parlamentaresch Fro Nummer 3554 erwäänt, dass et just méiglech ass d'Brutto-Aarbechtszäiten unzeginn, also den Delai vum Erareeche vum Dossier bis zum Accord vun der jeeweileger Bäihëllef. Di Zäit vum Echange vu Courrier – am Fall wou zousätzlech Dokumenter musse beim Demandeur ugefrot ginn – ass dofir och hei mat abegraff.

Fir d'Loyerssubventioun ass d'Opschlësselung follgend:

| Délai de traitement brut (en jours) | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 0 - 35 | 35% | 30% | 20% | 22% | 31% | 29% | 27% | 41% |
| 36 - 70 | 25% | 21% | 16% | 10% | 18% | 17% | 15% | 18% |
| 71 - 105 | 12% | 11% | 12% | 7% | 12% | 13% | 10% | 10% |
| 106 - 140 | 11% | 9% | 9% | 6% | 12% | 12% | 9% | 9% |
| 141 - 200 | 9% | 0% | 13% | 13% | 13% | 13% | 17% | 11% |
| > 200 | 8% | 29% | 30% | 42% | 14% | 15% | 22% | 11% |
| Total | 100% | 100% | 100% | 100% | 100% | 100% | 100% | 100% |

Lëtzebuerg, den 17. Mäerz 2026

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch